PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

D'Autobunnsopfaart bei Schengen fir op d'A13 stellt verschidden Transport- a Logistikfirme virun eng brenzeleg Situatioun. Esou kéinten, laut Ministère, verschidde Camionen dës Opfaart net notzen, well se duerch hiert d'Gewiicht keng Mindestgeschwindegkeet fir op d'Autobunn géingen erreechen. Mengen Informatiounen no wieren dës Camionen awer capabel, fir déi ugefuerdert Vitesse z'erreechen, missten heibäi awer bis déi nächst Opfaart duerch sëllegen Dierfer oder bis an Däitschland fueren, fir dann do op d'Autobunn ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass verschidden Transport- a Logistikfirme verbuede kruten, fir d'Opfaart Schengen ze benotzen? Wa jo, firwat?

2. Wéi vill Camione schätzt de Minister si vun dësem Verbuet betraff a mussen doduerch Ëmweeër duerch d'Land oder an d'Ausland fueren?

3. Säit Dezember 2021 ass op der A13 de Streckeradar aktiv.
   Ass de Minister der Meenung, dass d'Geschwindegkeetsbegrenzung, déi duerch de Radar entsteet, wouduerch d'Vitesse tëscht den opfuerende Gefierer an deenen déi schonn op der Autobunn sinn an dëser Fro een neie Moment duerstellt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député